N°330
Entrée le 11.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Här Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°330 vum 13. Februar 2024 vum éierewäerten Deputéierten Här Gusty Graas iwwert " Pollution d'un ruisseau entre Bissen et Colmar-Berg "**

1. **Konnt d'Waasserwirtschaftsamt erausfanne wat den Ursprong vun dëser Verschmotzung ass?**

Nodeems der Waasserverwaltung (AGE) eng Verschmotzung mat Schaum an engem Niewefloss vun der Atert gemellt gouf, ass een Agent vum *Groupe d'intervention pollutions* op d'Plaz gefuer a konnt d'Präsenz vun enger grousser Quantitéit u wäissem Schaum mat engem staarke Geroch no Seef an der Raedelsbaach confirméieren.

D'Verschmotzung deit op eng Botzaktivitéit hin a koum héchstwarscheinlech aus der ZAC Klengbousbierg. De genauen Ursprong konnt am Kader vun dëser Interventioun awer net bestëmmt ginn.

2. **Si Schied un der Flora a Fauna entstan?**

Am Fall vun enger gréisserer Verschmotzung vun engem Fléissgewässer ass prinzipiell vun engem Schued un der Flora a Fauna auszegoen. Aller Warscheinlechkeet no, ass an dësem Fall nëmmen eng relativ geréng Quantitéit u Seef an d'Gewässer gelaf. Well d'Fléissgewässer an de Wanterméint och generell méi Waasser féieren, ginn d'Verschmotzunge méi séier evakuéiert. De Schued un der Flora a Fauna ass deemno als geréng ageschat. Eng genau Quantifizéierung vum Schued un de Planzen- an Déierepopulatiounen ass net méiglech.

Lëtzebuerg, den 11. Mäerz 2024
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit